déi Lénk

**Communiqué**

Lëtzebuerg, den 10. Oktober 2025

**Géint déi asozial a klientelistesch Politik vun CSV-DP:**
## Alternative fir méi sozial Gerechtegkeet.

*Ee Joer schlecht Entscheedungen an eng Serie vu Kommunikatiounspannen hunn d'Regierung vu Luc Frieden politesch entlarvt. Si hëlt Entscheedungen zu Laaschte vun de schaffende Leit, weist autoritär Zich a versteet net, firwat d'Leit sech dogéint wieren. Ob bei de Kollektivverträg, den Aarbechtszäiten, dem Gefuddels beim Mindestloun oder der Rentereform – dës Politik huet dat Vertrauen zerstéiert, dat si versprach hat opzebauen. An den Ëmfroe fält d'CSV, an dat ass kee Wonner.*

Am Géigesaz dozou stinn déi Lénk mat klorer Haltung a konsequenter Aarbecht un der Säit vun deene Leit, déi vun dëser Regierung attackéiert ginn. Mir gewanne Vertrauen, well mir net nëmme schwätzen, mee handelen – an dat mat Perspektiv a Konsequenz. Ob bei de Pensiounen, dem Recht op Ofdreiwung oder der Unerkennung vum palästinensesche Staat: mir hu politesch Akzenter gesat, déi d'Regierung zu Reaktioun gezwongen hunn. déi Lénk droen dozou bäi, d'politesch Agenda ze bestëmmen.

Gläichzäiteg wiisst eis Beweegung: vill nei Membere kommen dobäi, virun allem jonk Leit, déi sech engagéieren. An op der Strooss, bei de Maniffen a bei gewerkschaftleche Mobiliséierungen ass déi Lénk staark vertrueden. Dëse Schwong huele mir mat an dat neit politescht Joer.

**D'Ofdreiwen duerch d'Verfassung schützen.**

Am Mee 2024 hate mir eis Propos d'Recht op Ofdreiwung an der Verfassung ze verankeren deposéiert. No ville positiven Avisen an och eng gréng Luucht vum Staatsrot, huet sech an der zoustänneger Kommissioun ee Kompromëss erausgeschielt. Et gëtt net méi vu Recht, mäi vu Fräiheet geschwat. Al d'Parteie bis op d'ADR droen dat mat an esou wäert an noer Zukunft duerch eis Initiativ dozou kommen dass d'Ofdreiwen duerch d'Verfassung geschützt gëtt.

**Palästina: de Genozid muss gestoppt ginn**

D'Katastroph a Gaza weist, wat geschitt, wann d'Militariséierung zur Normalitéit gëtt: Gewalt an Zerstéierung ouni Limitten. Mir fuerderen, datt de Genozid a Gaza gestoppt gëtt an d'Relatiounen zum Staat Israel iwwerduecht ginn. D'Unerkennung vum palästinensesche Staat war längst iwwerfälleg – mir hunn dat schonn 2014 an der Chamber gefuerdert. déi

Lénk hält den Drock héich: mir hunn eng Aktualitéitsstonn zu Sanktiounen ugefrot a bleiwen an der Mobiliséierung aktiv.

**Logement: d'Locataire stäerken.**

D'Regierung war ugetrueden fir d'Logementskris ze léisen – mee näischt ass geschitt. De Bausecteur verléiert Personal, d'Präisser bleiwen onbezuelbar an d'Regierung hält um falsche Glawe fest, de Marché géif sech selwer reguléieren. Kee Loyersdeckel, keng Steier op Spekulatioun, mee Projeten, déi d'Privatinteresse stäerken amplaz d'Allgemengwuel.
déi Lénk huet hei eng kloer Alternativ: e Loyersdeckel, eng ëffentlech Baufirma an eng däitlech Stäerkung vun de Rechter vun de Locatairen. Wunnen ass e Mënscherecht – kee Profittgeschäft.

**Den ëffentlech Pensiounssystem stäerken.**

Wat d'Regierung als „Reform" vum ëffentleche Pensiounssystem presentéiert, ass eng reegelrecht Attack op déi Lounofhängeg. Ideologesch Verblendung an Arroganz hunn eng seriö Diskussioun onméiglech gemaach. déi Lénk huet eng sozial gerecht Alternativ virgeluecht, déi d'Renten op 30 Joer ofséchert, déi keng Verschlechterung bedeit an déi d'Situatioun vun de ville Rentner mat Mindestpensioun däitlech verbessere géing.

**Keen Cent méi an d'Oprëschtung.**

Mir deelen d'Suerge vu ville Leit iwwer d'Kricher a Konflikter weltwäit. Mee d'Äntwert op dës Geforen ass net eng nei Oprëschtungsspiral, déi Suen ofzitt, déi mir fir Logement, Klima a sozial Gerechtegkeet brauchen. déi Lénk seet kloer: kee Cent méi fir Militariséierung, esou laang d'Leit hei am Land sech hir Wunneng net méi leeschte kënnen.

déi Lénk geet gestäerkt an dat neit politescht Joer – mat klorem Programm, mat Energie, a mat der Iwwerzeegung, datt eng aner Politik méiglech ass: sozial, gerecht a konsequent.